N°7315
Entrée le 05.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.12.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/12/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP mécht an hirem Communiqué vum 30. November 2022 op d'Unzuel un Iwwerstonnen opmierksam, déi opgrond vun der Penurie un Enseignantë Woch fir Woch all Schouljoer musse geleescht ginn.
Nieft dem Ausbezuele vun enger Indemnitéit fir hir geleeschten Iwwerstonne kënnen d'Enseignantë säit Oktober 2018 dës Stonnen och, a begrenztem Mooss, op hirem Zäitspuerkont (CET) uspueren. Wärend beim CET de Prinzip "1 Leçon ugespuert = 1 Leçon Congé" gëllt, gëtt beim Ausbezuele vun der Indemnitéit fir d'Iwwerstonnen e reduzéierende Facteur 36/52 appliéiert. Als Konsequenz gëtt also dat, wat d'Enseignanten iwwert hir regulär Täche eraus schaffen, sou wesentlech manner entlount.
Laut FÉDUSE ass dëse Facteur 36/52 op eng Spuermoossnam aus der Stolkris Ufank den 1980er Joren zréckzeféieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kann den Här Educatiounsminister bestätegen, dass d'Enseignantë fir déi Stonnen, déi iwwer hir regulär Tâche erausginn, een däitlech manner héije Bruttoloun kréien, ewéi fir déi Stonnen, déi Bestanddeel vun hirer „Tâche réglementaire" sinn?
    - *Wa jo, wéi begrënnt de Minister, dass Iwwerstonnen net mindestens genee d'selwecht bezuelt gi wéi regulär geleeschte Schoulstonnen?*
    - *Wa jo, wär de Minister bereet, de Facteur 36/52 aus der Formel fir d'Berechne vun der Indemnitéit fir d'Iwwerstonnen ze sträichen an domat d'Diskrepanz zum Zäitspuerkont opzehiewen?*

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7315 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

Am Enseignement secondaire gi just déi effektiv geleeschten Iwwerstonne bezuelt, sou wéi dat iwwer Joerzéngte schonn de Fall ass. Dëst konnt dank enger schrëftlecher Note bis op d'Joer 1988 retracéiert ginn, woubäi dës Praxis scho méi laang ugewannt gëtt.

D'Indemnitéit fir eng järlech Iwwerstonn gëtt no follgender Formel berechent, esou wéi se fir d'Lescht am Artikel 13, Paragraph 3, vum *Règlement grand-ducal du 24 juillet 2007 portant fixation de la tâche des enseignants des lycées et lycées techniques* festgehal gouf : « *traitement de base x 1/22 x nombre indice x valeur du point indiciaire applicable aux éléments de rémunération non pensionnables x 36/52* ».

D'Applikatioun vun dëser Formel bedeit, wéi uewe gesot, datt just déi effektiv geleeschten Iwwerstonnen ausbezuelt ginn, also déi Iwwerstonnen, déi wärend deene 36 Woche gehale ginn, déi d'Schoulzäit an engem Joer ausmécht; dobäi sinn d'Schoulvakanzen net mat agerechent.

Dogéint gi Stonnen, déi am Kader vun der regulärer Tâche gehal ginn, net eenzel verrechent, mee falen ënnert den Traitement de base, deen dat ganzt Joer iwwer d'selwescht bezuelt gëtt.

De Regierungsprogramm gesäit net vir, d'Bezuele vun den Iwwerstonnen ze iwwerschaffen. Wat d'Diskrepanz tëscht den Indemnitéite fir d'Iwwerstonnen an dem Zäitspuerkont betrëfft, sou sief bemierkt, datt all Agent tëscht enger vun deenen zwou Méiglechkeete ka wielen, respektiv souguer fir eng Kombinatioun vun deenen zwou Méiglechkeete kann optéieren.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH